PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Säit dem 31. Dezember 2024 ass d'elektronesch Ënnerschrëft op MyGuichet.lu net méi disponibel. Wéi de CTIE matdeelt, läit dëst un engem Problem bei engem externe Prestatairen. Dëst ass besonnesch kritesch well vill Bierger grad um Enn vum Joer wichteg administrativ Demarchen, wéi zum Beispill d'Steiererklärung, wollten ofschléissen.

D'Digitaliséierung vun eise staatleche Servicer ass e wichtegt Element fir d'Modernisatioun vun eisem Land. Allerdéngs weist dësen Tëschefall op, datt eis digital Infrastruktur eventuell net genuch ofgeséchert ass géint technesch Problemer. D'Bierger mussen sech zu all Moment op dës Servicer kënne verloossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. War nëmmen d'LuxTrust-Signature betraff oder och d'Signature mat GouvID.lu? Falls nëmmen eng vun de Léisunge betraff war, firwat gouf déi aner net als Backup agesat?
2. Wéi erkläert d'Ministesch, datt e Problem bei engem externe Prestatairen esou eng zentral Funktioun vum MyGuichet.lu kann ausser Betrib setzen? Wat ass geplangt fir an Zukunft esou "Single Points of Failure" ze vermeiden?
3. Wéi vill Demanden konnten tëschent dem 31. Dezember 2024 an der Behiewung vum Problem net verschafft ginn? Wat fir eng Mesuren huet d'Regierung virgesinn fir de betraffene Bierger entgéint ze kommen, besonnesch am Fall vun Delais déi doduerch net konnten agehale ginn?
4. Wéi héich schätzt d'Ministesch de wirtschaftleche Schued deen duerch dësen Ausfall entstanen ass, besonnesch am Hibléck op Entreprisen déi hire legalen Obligatiounen net konnten nokommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten